



COMITÉ FLERA 3 juin 2013

Do: Manette, Yoo Ja, Eugène, Jacques, Lars, Claude

Entschällegt: Gilbert, Fernand, Romain

1) Yoo Ja presentéiert participatioun vun eisem NK(NationalKader) op deenen 4 verschiddenen Compétitiounen-EYC Schottland: 8-9 Juni: Anselm Geimer an Louis Dahm Coach: Alwin Geimer; EM Imst 25-29 Juli: Anselm, Joe Weber, Julian Albrecht coach: Claude Weber; WM Central Saanich Canada 15-19 August: Aurélie a Leandro Brouschart, Joe, Louis, (Julian) Coach Claude W.; EYC Norwegen 6-8 September Aurélie & Leandro (Julian) Coach: Manette Olsem

/Lizenzen sinn an der Rei fir déi 3 Team Officials an déi 6 Sportler

/ 2M2L T-shirts an 3 Jacketten ginn nobestallt - Manette bekömmert sech doröm

/ Demande de subside muss eragereecht ginn am Prinzip ginn 2 Compétitiounen a compte geholl-mir probéieren demande als 1x(EM+WM) an 1x fir EYCup(ECOSSE, N)

2) Nationaltrainer: Tom Dieschbourg huet seng néideg Qualifikatioun ereicht am Oktober färdeg; Volker Winter ass elo offiziell mat sengem team gestionnaire fir Coqueklammwand, soot zwar net nee awer huet elo kaum Zait an et brënnt, last but not least François-ass interesséiert no Diskussiounen mam Eric a François sinn si averstaanen, freeën sech och doriwwer, allerdengs huet den François eng voll 40 Tonnen tâche, an den Eric ass net gewöllt dëst ze änneren, awer si denken dat 3 Stagen à 6 Tonnen mat deenen 6 Memberen vum NK + individuell Trainingspläng dra sinn (grob huet den Eric 1200 Euros geschaadt) an den François scheckt eis ab en Méindeg Proposition, dat mer eis riichten können mat den Daten an ob mer zu Arel, an der Coque oder soss an zwëschend den Stage ofhaalen.

3) Claude schreiwt un Klibb eis unzeginn 1-2 Zeitreim fir 1x/Woch een Training an der Coque ofzehaalen wëssend dat mir keng Garanti können ginn, dat d'Zuel vun den Klëmmer/Klub esou ewéi d'Héicht vun der reduktioun nach net negociéiert sinn

4) Mir leeën eis fest op 3 Datumer: 1: Sonndes 10 November een internationalen Open ze organiséieren; 2): 2.3.2014 Championnat national Open, an Championnat National Jeunes, D-C-B-A. Juniors

5) Commissioun Bäerdref: den Jacques Lepesant bekömmert sech drëm déi ofgenotzten maillons rapides bis Ufank Juli ersaat ze hunn: mir akkordéieren



500Euros+preis vun den maillons déi mer zu Arel haut den Owend bestallt
hunn(100St);Natur—a Forstverwaltung huet sech nach net gemëllt ob dem Eugène
sain Bréif hinn,hien haakt no

6)Lars huet 1300CHF un UIAA iwwerwisen ,si hun zwar geschriwwen dat bei
500Memberen eigentlech 1561CHF ze iwwerweisen wären sinn awer zefritten an
denken eis am Oktober nei ernidderegt Cotisatiounen fir déi Joeren duerno
unzebidden

7)Propositioun 8 Juli fir deen nächsten Comité

Gutt Lektür-Claude Weber,den 7Juni 2013